Spreng deng Ketten.
Reiss se durech,
Schlo em ons
E Brudderband!

# Fir d'Freihét

— Letzeburg de Letzeburger —

Organ vun der Unio'n vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen.
JOR 1, No 2 Erschengt virléfeg émol am Mo'nt. August 1944.

## EDITORIAL

"Sit éneg, éneg, éneg!"

De Krich gét ömmer me' sengem Enn zo'. Nach hu mer dat Schlömmst net iwerstan, an trotzdem fänkt all Mensch un nés me' frei ompzeotmen: Et ass net me' fir lâng!

Awer matt dem Enn vum Krich, matt der Erle'song aus den Hann vum Preiss könt ons eng aner Surg me' no: d'Surg em d'Zo'konft vun onser Hémecht a vun onsem Vollek.

Schon haut stelle vill Letzeburger sech d'Fro, we' et no desem Krich am freie Letzeburg soll ausgesin, an ob net all ons Affer, de' mer fir ons Freihét bruecht hun emsoss woren.-

Wa mer 25 Joer zreckdenken, un d'Enn vum lèschte Weltkrich, da fanne mer, we' onst Land démols bannen- a baussepolitesch an enger ganz verwurelter Lag wor, a mir stelle fest, datt et démols op en Hor fir ons Freihét an Onofhängegkét geschitt wor.

Haut stét onst Land an enger vill besserer Situatio'n.

Letzeburg huet an engem Krich vu 4 Joer dem Preiss de Kapp gewisen, an ons Regirong hat d'Me'glechkét fir der ganzer Welt dat ze soen a fir ons Intressen iwerall ze vertriédn.

Trotzdem darfe mer ons d'Zo'konft net zevill lícht virstellen.

Wann et schon hêscht, datt no desem Krich all frei Natio'n sellwer iwer hir Zo'konft entschéde soll, da muss grad onst klengt Vollek surgen durch seng Daperkét a seng Enegkét dat opzeweien, wat him un der Gre'sst félt, fir matt sengem Noper op gleichem Fo'ss ze ston.

Mir hoffen datt dén oft prophezeite Grondsâtz des Ke'er wo'er get, no dém jidfer Vollek, ob gro'ss oder kleng, de'sellwecht Rechter huet.

So' we' mer am Radio he'eren hun, huet ons Regirong elo schon verschidden Ofkommen matt anere Länner getraff.

Wann de' Ofkommen, wat mer jo unhuelen, d'Intressen vun onsem Land voll a ganz vertriéden, da sin se ze begre'ssen.

Et leit ower op der Hand datt se nemme gölle können, wann herno d'letzeburger Vollek se guddhêscht, dat jo iwer seng Geschecker sellwer entschêde soll.

Mir hoffen datt d'Stömm vun onsem Vollek, dém an desem Krich kén Affer gespuert blo'f, och nom Krich vun de Gro'ssmiécht gehe'ert get, an datt onser Hémecht an allem Gerechtegkét geschitt.

Ons Missio'n ower ass et ze surgen datt ons Stömm stark genug ass fir gehe'ert ze gin.

Dofir musse mer all we' é Mann zesummeston an o'ni ze zecken we' am Krich so' och am Fridden onst Recht vertriéden önnert der DEVIS

LETZEBURG DE LETZEBURGER !

R.

+o+o+o+o+o+o+o+o+

## Rappell.

Nach stét Letzeburg op senger Fiélz
A mir hu geschwur et ze halen.
O Hémecht, wanns de deng Kanner ziéls
De' trei matt dir stin an och falen,
Da fenns de keng, de' wann et muss sin,
We' mir an d'Gefor matt Fréd fir dech gin.

Wién nach Le'ft am Hirz zu sengem Land
Net Friémen de Stiwel welt botzen,
Dé soll ons rêchen seng Brudderhand,
Fir datt mir dem Feind können trotzen.
Mir fèrten net, wèll mir hu jongt Bludd,
Mir retten ons Hémecht, onst hellegst Gudd.

==========

---

LETZEBURG ! DENK UN DENG KANNER AN DER FRIEMT !

==========

# Trei der Hémecht.




1. Ons Hé-mecht bludd aus de'-wer Wonn
2. Keng Höl-lef an der No't
3. Le'f Hé - mecht ech muss fort nu gon,
4. O Mamm am Him - mel kuck onst Lêd,



1. An de - ser deisch-trer Stonn
2. Ge'nt On - recht Schmod an Do'd
3. Fir Recht a Freihét mech ze schlon;
4. Sén on - sen hell - gen Ê d ;




1. E t ass all Recht ver - schwon nen,
2. D'Ge- walt kennt kén E r - b a r - m e n
3. Mir wöl- len Trei Dir schwi - ren,
4. Der Hé- mecht Trei ze ha - len,



1. Ver - rot re- ge' - ert d'Land.
2. Mam Léd vu Fra a Kand,
3. Trei der Hé-mecht bis an den Do'd,
4. Do- fir réch ons Deng Hand,



1. Un Hänn a Fe'ss ge - bon - nen
2. Ké Matt-léd matt den Ar - men,
3. Vill le'wer an E' re stir - wen,
4. A wann am Streit mir musse fa- len,



1. Ass al - les wat trei zum Land.
2. De' trei dem Hé- mechts - land.
3. We' lie -wen a Schmod an No't.
4. Be- hitt onst He'- mechts - land!

R.

# O n s   S p r ô c h .

Nodém mer an onser e'schter Nummer am allgemengen iwert ons Sprôch geschwat hun, wölle mer elo op énzel Froen me' ausfe'erlech agoen.

Vu verschidde Seiten gin ömmer nés Bedenken virbruecht ge'nt ons Furderong d'Letzeburgescht als e'scht an amtlech Sprôch iwerall anzefe'eren.--Mir wösse sellwer ganz gudd, datt sech do allerhant Schwiregkéten bidden, awer dat ass gur ké Grond fir vun onser Furderong ofzelôssen.

De' e'scht Schwiregkét ass wuel de', datt et keng letzeburgesch Grammatik get an datt kén ons Sprôch richteg schreiwe kann.

Dat e'scht wat mer ze din hun, ass also' d'Schâfong vun enger Grammatik vun der letzeburger Sprôch. Dofir ass eng Commissio'n opzestellen, de' dat a me'glechst kurzer Zeit ze mâchen huet. Extra gro'ss Schwieregkéten därft dat kaum bidden, well et si jo scho munnech Virarbechte gemâch gin. Et huet bis elo ömmer nömmen un enger energescher Hand gefélt, de' önner all de' Arbechten de Schlussstrêch muss setzen.

Dann ower muss ons Sprôch direkt an d'Scho'len. Et gét net dur, datt, we' fre'er, d'Letzeburgescht um Scho'lprogramm stét an datt eso'gur émol an der Woch e letzeburgescht Gedichtche gelies get. Nén. Ons Sprôch muss als e'scht an als Hâptsprôch an d'Scho'len agefe'ert gin.

Et muss ophe'eren matt dém Onsönn, datt d'Kanner scho gleich am e'schte Scho'ljor an enger friemer Sprôch denke gele'ert gin, an datt se dofir gleich vu klengem un d'Gefill fir hir ége Sprôch geholl kre'en.

Et muss op letzeburgesch gelies a gerechent gin, gleich vun Ufank un. Schwiregkéte fir d'Kanner bidden sech dobei abselut keng.
Am Ge'gendél et get me' licht, well et hir Mammesprôch ass.

Dofir sin natirlech nés allerhant Virbedengongen erfurdert.

Fir d'allere'scht letzeburgesch Scho'lbicher schâfen. Dat wär eng Arbecht, de' elo scho gemâch kent gin.

Da wär ech ze surgen datt all de' preisesch Kannerlidder a Gebiéder durch letzeburgescher ersat ge'fen. Dat wär e sche'nt Arbechsfeld fir ons Dichter, aplaz datt se all drop an derwidder Theatersteckelcher schreiwen. Och do ass <u>eng systematesch Arbecht op der Plaz</u>, an et hêscht iwerall beim Ufank ufänken.

Wann ons Kanner dann an der Scho'l letzeburgesch gele'ert hun, wo' ass dann nach eng Schwiregkét ? -

De' friem Sprôche können dann ower nach gele'ert gin, a grad eso'gudd.

Et ass fir e Kand, dat d'Ufanksgrönn vum Liesen a Schreiwen op Letzeburgesch kennt eng Klengegkét, fir z.B. 2 Joer spe'der Deitsch ze le'eren. Wa mer et richteg huelen, konnt dach ké Letzeburger, dén aus der Primärscho'l erausko'm richteg Deitsch schreiwen a schwätzen - vum Franse'sche gur net ze rieden. Mir ge'fen also dobei neischt verle'eren.

Fir de' erwuesse Leidd därft et jo och net extra schwe'er falen, sech de' wichtegst Regelen vun onser Sprôch emol unzekucken. Dat gét so'zesoen bal vum selwen, wann én nömme wöllt. Et get haut schon Dausende vu Letzeburger, de' letzeburgesch schreiwen, o'ni Regel, an et gét ower. Op é Féler me' oder manner gét et an der e'scht gur net un.

Wann ons Zeidongen dann och nach an onsèr Sprôch erschengen, da ka bestömmt all Letzeburger a 14 Dég schon ons Sprôch liesen, ob e wölt oder net.

Firwat also d'Schwiregkéte me' gro'ss man we' se wirklech sin?
Wién hei net mattmâche wölt, dem félt de gudde Wöllen.

LETZEBURGER HAL DENG SPROOCH AN E'EREN !

W

+=+=+=+=+=+=+

## Nach engke'er : Ons Sprôch !

### E Witz oder - eng Wo'recht ?

Niki: "Papa, ech hun de Muergen de Letzeburger Radio gelauschtert."-
Pap: "O'! A wat hu se da sche'ns gesot?"-
Niki: "O, se hun so' drolech geschwat, ech hun net vill verstan."....

Ass dat nach dran !

+o+o+o+o+

Fir de' Letzeburger, de' murges 1/4 9 d'Letzeburger Sendong lauschteren a verstoe wöllen, brenge mer hei en Dél vun de wichtegste Vokabelen:

| | | |
|---|---|---|
| Emissio'n | = | Sendong |
| Unite'ten | = | Eenhéten |
| succès | = | Erfolleg |
| encercle'ert | = | agekrést |
| avance'eren | = | virgoen |
| secteur | = | Sektor, Frontofschnett, Frontdél |
| positio'n | = | Stellong |
| d'lutte | = | de Streit |
| force'eren | = | zwengen |
| preuven | = | Beweiser |
| de but | = | d'Ziel |
| possibilite'ten | = | Me'glechkéten |
| d'göttlech justice | = | d'göttlech Gerechtegkét |
| rectificatio'n | = | Verbesserong |

Dat si, fir elo, d'Vokabelen aus der Sendong vum 9.8.44.
Mir bidden ons Lieser se gudd ze stode'eren.
Wann de Krich nach lâng dauert, gi mer en alphabetesche Regöschter eraus, fir datt jidfer "auditeur d'possibilite't huet se facilement eremzefannen."

Neischt fir ongudd.

Frechdachs.

+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+

" Wat vun onser Sprôch s'och soen,
Si bleift einfach, sche'n a gudd.
Lôsst mer ömmer he'ch se halen,
Als onst gre'sst an hellegst Gudd! "

+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+

# Hei R A D I O LETZEBURG !

An der Sonndessendong vum Letzeburger RADIO zu London hu mer de 6.8.44 e Letzeburger Speaker he'eren, dén den Organisatio'nen hei zu Letzeburg e pur gudd Re't gin huet.
Mir gin hei dat Wichtegst aus senger Usprôch erem.

De Speaker sot e'schtens et ge'fen teschent de Letzeburger Freihéts-organisatio'nen Onénegkéten a Rivalite'ten bestoen; de' eng Organisatio'nen ge'fen sech alt weigeren dénen aneren hir Flugbliéder ze verdélen aew
Zwótens huet hie festgestalt, datt et eso'gur Organisatio'ne ge'fen, de' en Nokrichsprogramm hätten, an hien huet hinne geroden sech einst - weilen matt me' wichtege Sâchen ofzegin, d'Preisen ze demoralise'eren aew
Drettens huet hie sech da geirgert iwer dat villt Gebraddels an de Wirtschaften an iwerall, wo'durch scho vill Leidd an de Prisong kom wären

Wann ele schon am RADIO iwer de' Sâche geschwat get, dann ass et och gudd, wa mir dozo' Stellong huelen.

Wat dat onnötzt Geschwätz ubelângt, do huet de Speaker ganz Recht. Dodurch si scho vill Leidd onglecklech gin, an et huet och net un de Warnongen vun den Organisatio'ne gefélt, fir dat ze verhönneren.
Leider get et ower ömmer nach Leidd, de' net he'ere wöllen.

Iwer d'Fro vum Nokrichsprogramm dat hei:
Mir kenne bis elo keng wirklech aktiv Letzeburger Freihétsorganisatio'n, de' kén Nokrichsprogramm hätt. Mir beto'nen esógur,datt et onst Recht an ons Pflicht ass ons fir den Opbau vun onser Hémecht nom Krich z' intresse'eren a mir erönneren am dém Zesummenhank un eng Usprôch, de' onse Staatsminister Dupong virun unger Zeit am Radio gehalen, a wo'ran hien d'Organisatio'nen opgefurdert huet hir Idien a Plangen fir den Neiopbau vum Land berêt ze halen.

Datt mir dobei ons momentan Pflichten net vergiessen, dat lôsst ons Surg sin. Mir denken datt iwer dat, wat mir elo ze schaffen hun a wirklech och schaffen mir hei sellwer am bèschte Beschéd wessen, a wuel vill besser we' anerer, de' weit vum Schoss sin.

Dann zu dem e'schte Ponkt: De Speaker mengt also et besténgen Onénegkéten teschent den Organisatio'nen, an de' englesch respektiv amerikanesch Behörden génge verlângen datt d'Organisatio'nen hei am Land sech verdroe ge'fen.

Dorop könne mir nömmen äntweren matt der Feststellong datt d'LPL, d'LRL an d'LVL, also de' Organisatio'nen, de' vu Krichsufank un op der Mol woren, sech zu der Unio'n vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen zesummegeschloss hun, an datt si a voller Enegkét, elo an och spe'der zesummestin.
Dén Entschloss hu si gefâsst, net well et vun irgend enger Seit gewönscht oder verlangt go'f, ma aus freiem Wöllen an nom Wonsch vun all onse Member.
Nom Statut vun der Unio'n stét et dann zu jidfer Zeit och allen anere Letzeburger Freihétsorganisatio'nen op, der Unio'n beizetrieden, wann si et wöllen.
Et ass net de Féler vun der Unio'n, wann et nach énzel Gruppe get, de' op der Seit stin, a mir sin iwerzégt datt a kurzer Zeit all gudd gesönnt Patrioten sech zo' ons fannen.

Vill me' schlömm ass et ower, wann et nach énzel Clique get, de' aus perse'nleche Grönn elo keng besser Beschäftegong fannen we' d'Unio'n ze sabote'eren. Doru kann elo och onse beschte Wöllen neischt ännneren. - Mir mussen also och doran dem Speaker vum Letzeburger Radio zu London Recht gin. Et ass wirklech traureg, datt et hei a grad elo nach eso' eppes get!
Datt dat ower net de Féler vun der Unio'n ass, dat huet sech jo bewisen an et wèrt sech spe'der nach me' klor beweisen.

Nodém mer heimatt verschiddene Leidd hei am Land ons Ménong esot hun, siéf et ons erlabt och verénzelte Letzeburger doiwer mattzedélen wat d'Vollek hei denkt.

Mir wössen net, ob et grad ubruecht ass, datt e Speaker vu London aus d'Organisatio'nen hei kritize'ert, so'lâng we' si doiwer sellwer net wössen wat sech gehe'ert an nodém se elo schon iwer 4 Joer matt enger heroescher Ausdauer Oniwerluechthéten an Dommhéten durch den Aether joen.

Wa virun e pur Joer ons Speaker d'Letzeburger opgefurdert hätten virsichteg ze sin, an hinne gesot hätten et ge'f nach lâng daueren, aplaz ze te'nen: "Hâlt en de Bass, mâcht bei se" a.e.w., da wären haut vill Leidd nach frei, de' elo am Prisong sötzen.

Et wär onser Ménong no se'er ubruecht, wann ons Speaker doiwer sech me' konsequent an hire Riéde ble'wen, aplaz émol eso', an dann eröm anescht ze soen.

Wat d'Möschtgréf-Demoralisatio'saktio'n ubelângt, do si mir iwerzégt, datt mer haut me' wichteg Sâchen ze din hun. Wa mer elo dat nach breichten fir d'Preisen ze demoralise'eren, da ste'ng et schlecht em ons, a wann et ént get, wat dénen de Mutt hölt, dann ass et de Virmarsch vun onsen Allie'erten op alle Fronten, ower net de Möschtgréf.

De' Leidd, de' doiwer gudd Re't gin, wössen net, datt eso' Aktio'nen ons an onser Arbecht nömme schuede können. Mir ower wössen dat; dofir lôsse mir de' Konschten op der Seit a richten ons no den Uweisonge vun onser Gro'ssherzogin a vun onser Regirong, de' ons opgefurdert hun virsichteg ze sin an ons net an onnötz Geforen ze brengen.Datsellwecht verlânge mer vun all onse Member a vun alle gudde Letzeburger.

Et ass elo un der Zeit , datt o'ni Paus geschafft get; ower nömme wirklech nötzlech Arbecht därf gemâch gin. Alles, wat net wichteg ass, muss leie bleiwen, wèll et nömme schuede kann.

Et gét fir d'Freihét a fir d'Wuel vum Land. - He'ch Letzeburg!

W. D'Unio'n.

+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+

Eng nationalistesch Letzeburger Volleksregirong !

Eng nationalistesch Letzeburger Volleksvertriédong !

Eng nationalistesch Erze'ong an all onse Scho'len !

+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+=+

# L e t z e b u r g e r   d e n k   d r u n !

Datt mir mam Preiss am Krichszo'stand stin an datt all Preiss an all Verre'der dei Feind ass.

Datt all Arbecht, de's du fir de Preiss lêschs Arbecht ge'nt deng êgen Hêmecht ass.

Datt all Geld, dat's du an d' WHW, d' NSV, d' DRK an d' VDB ges, eng Krichsanleih ass fir de Preiss a ge'nt deng Frönn a Bridder!

Datt all dat Geld,dat's de an "d'Kreissparkasse" place'ers, dem Preiss hölleft, an datt hiên domat schafft.

Datt all Fatz an all Lomp, de's du an d'Spinnstoffsammlong ges, dozo' dengt nei preisesch Uniformen ze mâchen un dêne schon eso'vill Bludd vun treie Letzeburger kliewt.

Datt's du neischt verlur hues an de preisesche Versammlongen, wanns de Letzeburger wölls sin.

Datt all de' russesch Gefângen an Deporte'ert ons Allie'ert sin, an datt si zu onser Erle'song beigedroen hun.

Datt's du alles, wat's du wêss iwer d'Patrioten an hir Arbecht als Geheimnes fir dech ze halen hues an neischt solls weider ziêlen.

Datt's du, wanns du all faul Gespre'cher önnerdrecken höllefs, muenchem Letzeburger d'Liêwen erhäls oder him Prisong a KZ erspuers.

Datt de' richteg Patrioten net an de Wirtsheiser beim Humpen ze fanne sin, ma do, wo' geschafft get.

Letzeburger denk drun !

De Präsident Roosevelt huet gesot: "Mir höllefen all dênen, de' sech sellwer höllefen."

Hues du deng Pflicht ge'nt deng Hêmecht ömmer gemâch ?

Hues de dem Preiss net zevill nogin ?

Hues de net me' an d' WHW bezuelt we' un d'Patrioten ?

Hues du an dêngem Geschäft net me' matt de Preise gehandelt we' matt de Letzeburger?

Hues du alles gemâch, wat an denger Kraft lo'g, fir de Patrioten ze höllefen ???

Kanns du bestoen herno vrun dênen de' alles fir hir Hêmecht riske'ert hun, virun dênen, de' hirt Liewen geaffert hun ?

Letzeburger, kuck op all de', de' an de Prisongen, am KZ an am Zûchthaus leiden, op de', de' sech virun der Gestapo verstoppe mussen, op de', de' vun de Preisen erschoss go'fen. Si all hu gehollef d'E'er vun onser Hêmecht nês rengwäschen an de Grondstên zu onser neier Onofhängegkêt leen.

D'Letzeburger Freihêtsorganisatio'nen hun den Num vun onser Hêmecht an alle Länner bekannt a bele'ft gemâch an domat d'Zo'konft vun onsem Land gesechert.

Letzeburger, denk drun datt all Patriot, dên am Streit ge'nt de Preiss gefall ass och fir dech sei Liewe gin huet.

Et get dofir och fir dech keng Ursâch dech denger Pflicht z'entze'en!

LETZEBURGER , WEIS DATT'S DE LETZEBURGER BASS !

NK

## Fir d'Hémecht gesturwen !

De 9. August sin nés eng Ke'er bei engem Ugröff vun allie'erte Fle'er letzeburger Birger em d'Liewe kom.
Hire schwe'er gepre'fte Familjen entbidde mer heimatt onst de'ft Beiléd!

De Preisen ower déle mer kurz matt, datt se sech de' Zeidongsartikelen iwer Terrorugröff a.e.w. spure können.
Mir Letzeburger wössen wiém mer all onse Misär zenter 4 Joer ze verdanken hun, an et wär onnötz Arbecht nach vill Wirder doriwer ze verle'eren.

D' Unio'n.

## Letzeburger Krichsgebied!

O Her, dé mir ger de Gerechten nennen,
Sef gnédeg a wöll Dech net vun ons wennen.
Beschirem onst Vollek vru Krich, Raw an Do'd,
Erhal onse Kanner hirt de'gelecht Bro'd.
Verbirg ons ons Freihét, do biéde mer drem,
A gef ons de Glaw un d'Menschhét erem !

DS

## Fir d'Hémecht erschoss !

Et vergét kén Dag, wo' d'Preisen sech net en neit Verbriéchen ge'nt d'Menschhét lèschten.

De 15.8 délen se an der Zeidong matt, datt se lo letzeburger "Deserteuren" als Vergeltong fir den Do'd vum Ortsgruppenleiter vu Jonglenster erschoss hun.

Et ass echt preigesch Mane'er Onschölleger z'ersche'ssen, wann de' Schölleg net könne font gin.

Och doriwer komme mer nach ze schwätzen; an et dauert net me' lång.

Am Num vun der Unio'n a vum Letzeburger Vollek entbidde mer dénen zeng neien Affer vum preiseschen Terror onse lèschte Gro'ss !

D'Unio'n.

Greif nom Donner! Werf dei Blötz
op dat nidderträchtegt Vollek !
Ze' Dei Schwiert ! Löss dei Geschötz
Feier speizen aus all Wollek!
Nén ! Du solls hir Trupp net sénen !
Bludd a Gal löss op se rénen !
Ste' ons bei, o gro'sse Gott!
Siéf fir ons e stårke Richter
A gehei dem Feind seng Flott
an dem Mir sei schwårzen Trichter!
Reiss a Stecker seng Arme'en,
Schlo seng Kanner an de We'en!
Matt der Ligen op der Zong
Sti se do vrun Dir ze biéden.
Bludd léft hinne vun de Schong,
well se d'Menschhét frech zertriéden.
He'er net op hir sche' Wirder,
Schlo se do'd well et si - Mirder!

S

## N o m  K r e i s t a g ........

Dann ass de lèschte Kreistag zu Letzeburg jo elo eriwer .....
Wa mer nach we'ssten wofir se ons verbueden haten d'Fendelen auszehänken!
Mir hätten et wirkelech gär nach émol gemâch; wié wêss .... vleicht fir d'lèscht an onsem Liéwen! Mir si jo net eso'.
Vill vu Bedeitong ass jo bei dém ganzen Zodi net erauskom.
Intressant wor et grad, datt bei der Parad an der neier Awenü onse Gauleiter durch eng Herd Maschinegewierer gedeckt wor, - secher fir e vrun der Begêschterong vun de Letzeburger ze beschützen........

W.

+o+o+o+o+o+

## Un ons Memberen !

Hei ass de' zwét Nummer vun onser Rewü!
Mir denken dir sidd zefridden!
Virlêfeg erschengt se eso', we' mer matt onse Schwiregkéte ferdeg gin.
Spe'der dann, - jo - et soll é keng Loftschlässer bauen!
Dir wösst, wat mer wöllen, wat mer brauchen an och kre'e mussen, wa mer onst Ideal verwirkleche wöllen.

De' gro'ss Zeidong kann ower net opgebaut gin o'ni Fongen.
De' ze schafen ass dat hei den Ufank. Virderhand ass hire Preis am Beidrag abegraff, dén énhetlech fir d'ganz Unio'n op 2,- Mk pro Mo'nt festgesat ass.
Wién ower nach doriwer extra fir de Pressfong beisteiere wöllt, a mir huelen un, datt do ké féle wöllt, dé soll ét senge Möttelen no mâchen, matt dem Bedeng : "Fir de Pressfong" an op dem gewe'nleche Wé!
Wönsch a Beidräg oder Urégongen sin ons op dem sellwechte Wé ömmer wöllkomm.

Verlag a Redaktio'n.

+o+o+o+o+o+o+o+